



**Dossier de presse**

**Embargo : mardi 29.04.2014 à 17 heures**

**Séance académique  
«175<sup>e</sup> anniversaire de l'indépendance du Grand-Duché de Luxembourg»**

**29 avril 2014**

**Discours**

**de S.A.R. le Grand-Duc**

**(langue : luxembourgeois)**

Här President vun der Chamber,  
Här Staatsminister,  
Exzellenzen,  
Dir Dammen an Dir Hären,

Zesumme mat der Grande-Duchesse, dem Pränz Guillaume an der Prinzessin Stéphanie sinn ech besonnesch frou, dësen wichtege Gebuertsdag mat lech ze deelen.

Wann e Land seng Onofhängegkeet feiert, dann ass dat e gléckleche Moment an der Geschicht vu sengem Vollek. Dacks gëtt e Grënnungsdatum, de Joresdag vun enger Befreiung, engem militäreschen Erfolleg, jo souguer vun engem Opstand oder enger Revolutioun zelebréiert. Heiansdo huet d'Fräiheet mussen eruewert ginn, op Käschten vun trageschen Evenementer. Um Enn ass et awer dat glécklecht Resultat wat zielt, a wat de Verhalt vun deenen ausmécht, déi sech erënneren.

Fir Lëtzebuerg gëllen des allgemeng Regeln kaum oder guer net.

Fir d'éischt ass de Grënnungsdatum ëmstridden. Souwéi den Här Pauly et a sengem exzellente Exposé gesot huet, suergt den Datum vun der Onofhängegkeet haut nach fir Diskussiounen. Dee vun 1815, also vum Wiener Kongress, schéngt fir Verschidden méi pertinent ze sinn. Dat hätt och als Konsequenz, datt mir eis an engem Joer missten erëm gesinn, fir de Bicentenaire vum Grand-Duché.

Dëser Réflexioun kéint een entgéint halen, dat eréischt zënter dem Londoner Traité vun 1839, Steen fir Steen, den zukünftege Lëtzebuurger Staat opgebaut gouf. 1839 däerf een also als Ausgangspunkt ugesinn. D'Commemoratioun vun haut ass also eng ganz legitime.

Déi zweet Ursaach vun dëser Lëtzebuurger Exceptioun huet nach méi e fundamentale Charakter. Sie huet domadder ze dinn, dass dëse Moment vun der Onofhängegkeet net vu Freed begleet gouf. D'Lëtzebuurger waren net glécklech deen Ablack, éischter zimlech traureg.

De Gilbert Trausch huet a sengem memorablen Discours bei Geleeënheet vum 150. Anniversaire Folgendes gesot an ech zitieren: « Notre commémoration d'aujourd'hui ne célèbre pas le partage de 1839 qui a été un événement triste, douloureux car la volonté des Luxembourgeois a été méconnue, bafouée. Notre fête d'aujourd'hui veut rappeler ce que les Luxembourgeois ont fait depuis 1839 de l'une des moitiés du Luxembourg, à savoir un Etat libre et souverain qui a fini par trouver sa place originale dans le monde ».

Eigentlech konnt een sech kaum eng méi schwéier Situatioun virstellen:

E Staat huet missten opgebaut ginn; et gouf kee richtegt Nationalgefill; an Europa hunn d'Groussmicht alles diktéiert; de lëtzebuenger Territoire wor kleng, an dobäi och nach aarm. De Wee vun der Natioun an d'Souveränitéit wor dofir extrem holpreg. An dach gouf et dat „lëtzebuergescht Wonner“.

Elo kann een un d'Providence gleewen, oder un d'Gesetzer vum Zoufall an der Chance; trotzdem musse mir feststellen, dass déi Generatiounen vun Lëtzebuenger zanter 1839 hiert Schicksal fest an d'Hand geholl hunn. Dëse Verdéngscht ass dofir ëmsou méi grouss, well eist Temperament vun Natur aus éischer reservéiert ass. D'Geschicht an dat gemeinsam Schicksal hunn d'Natioun dozou forcéiert, sech am Laf vun der Zäit ze behapten. Haut kënnen mir soen, dass dat eng Réussite ass.

Wéi 1939 den Centenaire gefeiert gouf, konnt meng Groussmamm, d'Grande-Duchesse Charlotte op dëser Plaz, houfreg zeréckkucken op de Wee vun der jonker Natioun an den modernen Industriestaat. An hirer Konklusioun lancéiert d'Grande-Duchesse « un cri du cœur » : « le Luxembourg avec l'aide de Dieu ne périra jamais ! ». Dësen Ausruff beweist jiddefalls, wéi erdréckend deemools de Schied vun dem mächtigen Noper vun der anerer Säit vun der Musel wor. Ech wëll awer och déi Sätz voller Hoffnung an Viraussiicht ënnersträichen, déi meng Groussmamm bei dëser Geleeënheet prononcéiert huet. « Conçu sur la seule base du droit international, puisant toute sa sécurité dans le respect des traités, dont son indépendance est issue, notre petit peuple a traversé l'histoire contemporaine comme le symbole vivant de cette organisation pacifique de l'Europe, à laquelle toutes les nations aspirent si ardemment. Pourquoi serait-il téméraire de notre part d'espérer qu'un jour prochain elle deviendra une réalité concrète et d'envisager l'avenir de notre pays avec la confiance que nous tirons de notre droit incontestable et des relations amicales que nous désirons entretenir avec tous nos voisins ? ».

Wéi am Joer 1989 mäi Papp, den Grand-Duc Jean den 150. Anniversaire presidéiert, ass et en radikalt verschiddent Ëmfeld wat sech opdeet. D'Garantie vun den Groussmuechten ass keng Viraussetzung méi fir d'Bestoe vun eisem Land. Duerch déi europäesch Konstruktoun, déi aus de Ruinen vum Krich entstanen ass, konnt Lëtzebuerg déi existenziell Bedrohungen ofleeën a seng Plaz am Concert vun den Natiounen fannen. De Grand-Duc Jean huet bei dëser Geleeënheet affirméiert: « On ne saurait méconnaître le rôle éminent joué par les diverses organisations internationales ici représentées. Dans leur cadre, le Luxembourg a trouvé la meilleure réalisation de sa vocation internationale et européenne. ».

Wéi wichteg och ëmmer déi international Organisatioune sinn, bréngt awer déi europäesch Konstruktoun eng fundamental nei Donne. Als Pionéier a Grënnungsmitglied vum dëser Gemeinschaft, trëtt Lëtzebuerg Deeler vum senger Souveränitéit fräiwëlleg of.

Bedéngt duerch seng Geschicht, seng Geographie a seng Gréisst, huet eist Land séier verstanen, datt duerch en Transfert vum senger Souveränitéit et seng Décisiounsgewalt verstärke konnt. 1989 war gësch. Deemools wor Villes nach anescht. En Rideau aus Eisen huet Europa gespléckt, déi europäesch Währung war en zimlech vague Projet, d'Wirtschaftsgemeinschaft ass vum 12 Member Staaten gebaut ginn. Dat war en anert Europa.

Haut, 25 Joer méi spéit, stellen sech Lëtzebuerg ganz aner Erausforderungen. Mir sinn vill méi siichtbar ginn. Eis Diplomatie huet sech an dem Moos opgedoen, dat eise Staat haut am Sécherheitsrot vum de Vereenten Natiounen siegéiert. Des gesteigert Siichtbarkeet bréngt eis heiansdo och ganz schaarf Kritiken an. D'Europäesch Unioun huet qualitativ ewei quantitativ nei Dimensioune kritt. D'Finanzkris huet eis gezwongen, Décisionen an der Urgence ze treffen. Wahrscheinlech ass eng méi grouss wirtschaftlech Integratioun an Zukunft noutwendeg, fir d'Eurozone ze consolidéieren. Schlussendlech ass et e méi schwéieren Exercice, seng Intressen an engem Ensembl vum 28 Staaten ze verdeedegen.

Mir müssen och iwwe nei Horizonter kucken. D'Entstoen vum enger multipolarer Welt zwéngt eis, nei Verbindungen mat anere Kontinenter ze sichen. De Wuesstem vum der Economie beschränkt sech net méi op Europa, ganz am Géigendeel.

Trotz dëser verännerter Realitéit an deenen neien Erausforderungen, bleift déi nämlecht Ambivalenz vum de Lëtzebuerger bestoen. Eisen natierlechen Hang verleed eis dozou, Stabilitéit, Sécherheet unzestriewen oder dat Erechtend ze erhalen. Eise Verstand an déi besote Changementer drängen eis allerdéngs dozou, eis op ze maachen, auszetauschen mat deenen aneren, eis unzepassen an eis a Fro ze stellen.

Dobäi hu mir iwwehaapt kee Grond fir Angscht ze hunn, well mir halen all Chancen op eiser Säit: e besonneschen Liewensraum, eng wäitgehend präservéiert Natur, ee vun den héchsten Liewensstandarden, an eng multi-kulturell Bevëlkerung.

Duerfir géing ech mech ofschléissend gären un eis Jugend wenden, déi d'Lëtzebuerg vum mar duerstellt. Zwou Saachen wéilt ech hir soen:

déi Éischt, datt d'Onofhängegkeet, déi Lëtzebuerg gedëlleg iwwert Joerzénge eruewert huet, op Käschten heiansdo vu schreckleche Sakrifissen, kengesfalls eng historesch Donnée ass. Dat ass eppes wat all Generatioun sech nei erschaffen muss. Vergiesse mir dat nie!

Déi Zweet ass, datt d'Stärkt vu Lëtzebuerg a senger Fähegkeet besteet, sech aneren opzemaachen, an net am Zeréckzéien a sech selwer. Dës gëllt fir den Eenzelnen souwéi fir eis Gesellschaft. An et ass dës Fähegkeet, déi eis Identitéit ausmécht, op déi mir zu Recht houfreg kënne sinn.